

REÇU
Per Aff Christian, 13:52, 01/03/2021

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 1. Mäerz 2021

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Tourismusminister weiderzeleeden.

D'Aktioun vun de sougenannten "Iwwernuechtungsbongen" à 50€ war d'lescht Joer ee Succès: bis Enn 2020 goufen iwwer 94.000 där Bongen ageléist. D'Gültegkeet vun de Bongen ass am Dezember 2020, bis den 18.04.2021 verlängert ginn; de Minister huet dat an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 3171 esou argumentéiert: "*Säitdeem Enn November nei covid-bedéngte Restriktiounen agefouert gi sinn, an notamment d'Restauranten hir Dieren erëm hu missen zoumaachen a keng organiséiert Fräizäitaktivitéite méi stattfannen, ass e Séjour an engem vun eisen Hebergementsbetriber an dese Wochen natierlech och erëm manner interessant fir potentiell Client'en ginn.*" Des Restriktioune sinn nach ëmmer a Kraaft, dat op mannst nach bis de 14. Mäerz.

An deem Zesummenhang wollt ech dem Här Tourismusminister dës Froe stellen:

- Wéi vill Bonge sinn, zanter der Verlängerung, iwwert d'Wanterméint nach zousätzlech ageléist ginn?
- Huet d'Regierung wëlles, d'Gültegkeet vun de Bongen, déi am Émlaf sinn, nach emol ze verlängeren?
- D'Aktioun "Iwwernuechtungsbongen" ass net nëmme bäi de Privatpersoune gutt ukomm, mee huet eben och dem Secteur vill gehollef: 69% vun den Hotelieren an 61% vun de Campingsbedreiwer haten an der Saison 2020 eng Hausse u Lëtzebuenger Clienten ze verzechnen. Envisagéiert de Minister deementspreechend, déi ganz Aktioun komplett ze widderhuelen, an all Bierger a Frontalier e neie Bong fir d'Saison 2021 zur Verfügung ze stellen?

Mat déiwem Respekt,



Francine Closener
Deputéiert



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Le Ministre des Classes moyennes
Le Ministre du Tourisme

Luxembourg, le 26 mars 2021

Le Ministre du Tourisme
à
Monsieur le Ministre aux Relations
avec le Parlement

Objet: Question parlementaire no 3736 du 1er mars 2021 de l'honorable
Députée Francine Closener

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire
sous rubrique.

Pour le Ministre du Tourisme,

Françoise Schlink
Premier Conseiller de Gouvernement

Äntwert vum Här Lex Delles, Minister fir Tourismus, op déi parlamentaresch Fro n° 3736 vun der éierbarer Députéiert Francine Closener

1. Et sinn insgesamt 730.096 Bongen ausgestellt ginn. Op den 26. Mäerz 2021 goufen 108.744 Bongen ageléist. Dat entsprécht enger Zomm vun iwwer 5,4 Milliounen Euro, déi dem Hebergementssecteur integral zegutt komm ass. Zënter der éischer Verlängerung vun de Bongen, déi den 01. Januar 2021 a Kraaft getrueden ass, goufen 9.862 Bongen ageléist.
2. D'Regierung huet decidéiert d'Iwwernuechtungsbonne bis den 15. September 2021 ze verlängeren. Et handelt sech heibäi ëm déi zweet Verlängerung. Ursprénglech sollten d'50-Euro-Iwwernuechtungsbonne vum Juli 2020 bis den 31. Dezember 2020 gültig sinn. D'Bongen goufen eng éische Kéier bis den 18. Abrëll 2021 verlängert, well vill Leit am Kontext vun de sanitäre Restriktionen net vun hirem Iwwernuechtungsbonne profitéiert hunn. Dës sanitär Restriktionen goufen am Horeca-Secteur an de leschte Wochen a Méint bäibehalen, aus deem Grond gëtt den Iwwernuechtungsbonne eng zweete Kéier bis den 15. September 2021 verlängert. Heiduerch hunn d'Residenten an d'Frontalieren, déi hire Bonge nach net ageléist hunn, genuch Zäit déi villfälteg touristesch Facettë vu Lëtzebuerg ze entdecken a gläichzäiteg dem Hebergementssecteur an dëser Kris ënnert d'Äerm ze gräifen.
3. Aktuell lafe keng Diskussiounen an dësem Sënn. Et sief allerdéngs bemierkt, datt d'Regierung déi net remboursabel Direkthëllef „Aide de relance“ an „Aide coûts non couverts“ ausgebaut a verlängert huet. Dës Hëllefsmesure riichte sech speziell un Entreprises aus Secteuren, déi besonnesch staark vun der Covid-19-Kris betraff sinn, ewéi beispillsweis den Horeca-Secteur. D'Generaldirektioun fir Mëttelstand huet zënter dem Ufank vun der Pandemie iwwer 317 Milliounen Euro un Aiden bezuelt, wouvu ronn 80 Milliounen Euro un Akteuren aus dem Tourismus, ewéi den Horeca-Secteur, gaange sinn.